

Lëtzebuerg, den 8 Oktober 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Inneministesch an d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden:

*„De Garde Champêtre, och Bannhidder genannt, ass nieft dem
Agent Municipal och am Gemengegesetz verankert. Si sinn ënnert
anerem dofir zoustänneg fir d'Anhale vun de jeeweilege
Policereglementer an de Gemengen ze kontrolléieren.*

*Verschidden Gemenge hu folgenden Artikel an hirem
kommunale Policereglement stoen:*

*„Les distributeurs de tracts, annonces, affiches volantes et
insignes ainsi que les mendiants ne peuvent interpellier, accoster
ou suivre les passants, ni entraver la libre circulation sur la voie
publique.”*

*An dem Kader wollte mir der Madamm Inneminister an der
Madamm Justizminister folgend Froe stellen:*

- Hunn d'Madamme Minister Zuelen, wéi vill Pretekoller vun
2010 bis 2020, opgelëscht no Joer a Gemeng, vu Bannhidder
geschriwwe gi sinn?*
- Kënnen d'Madamme Minister eis driwwer informéieren, wéi
eng Suitten dës Pretekoller kruten?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Kënnen d'Madamme Minister confirméieren, datt d'Anhale vun dësem uewe genannten Artikel an de concernéierte Gemengen, duerch d'Police respektiv dem Bannhiddler ka kontrolléiert ginn, a Verstéiss dogéint deementspreechend vum Bannhiddler zu Pretekoll kënne bruecht ginn?“*

Mat déiwem Respekt,



Claude Lamberty
Deputéierten



Max HAHN
Deputéierten